



Pressecommuniqué 9.12.2021

Bildungsbericht 2021 : D'Lutte géint d'Ongläichheeten bleift am Fokus vun der Bildungspolitik

D'Universitéit Lëtzebuerg huet den 9. Dezember 2021, a Presenz vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op enger gemeinsamer Pressekonferenz den drëttten nationale Bildungsbericht virgestallt. De Bildungsbericht 2021 befaasst sech mat der Fro "Ass d'Lëtzebuerger Schoul prett fir d'Zukunft?". Am Fokus stinn d'Digitaliséierung an d'Educatioun fir nohalteg Entwécklung. Weider Schwéierpunkte sinn d'Pandemie, déi de Lëtzebuerger Schoulsystem viru grouss Erausforderunge gestallt huet, hir Auswierkungen op de schouleschen Alldag, grad wéi d'Fro vun den neien an alen Ongläichheeten.

"Duerch d'Pandemie gouf eise Bléck op d'Erausforderungen nach emol geschäerft. De Bildungsbericht bestätegt eis Prioritéiten. E féiert eis awer och gläichzäiteg virun Aen, datt weiderhi grouss Defien ze bewältege sinn an datt de Schoulsystem der sozialer a kultureller Diversitéit am Land nach net gerecht gëtt," huet de Claude Meisch ënnerstrach.

Haapterkenntnisser aus dem Bildungsbericht 2021

Lëtzebuerg kënnt relativ gutt duerch déi éischt Phas vun der Pandemie

D'Schoulen zu Lëtzebuerg waren am internationale Vergläich manner vu Fermeturë betraff an am Beräich vun digitale Ressourcë scho virun der Kris gutt equipéiert. Den Distanzunterricht konnt dofir an der Kris séier vun der ganzer Schoulgemeinschaft en place gesat ginn. Donieft goufe Mesuren entwéckelt, fir d'Schülerinnen a Schüler ze ënnerstëtzen (schouldoheem.lu, Summerschool,...) an iwwer dee Wee d'Repercussione vun der Pandemie op schouleschem Plang ofzefiedere.

D'Fundament fir eng digital Schoulkultur zu Lëtzebuerg ass geluecht

Nodeems bei der ICILS Etude (International Computer and Literacy Study) 2018 déi digital Kompetenze vun de Lëtzebuerger Schüler ënnert dem internationalen Duerchschnëtt louchen, goufe mam Kodéieren, dem neie Fach Digital Sciences, der one2one-Strategie an dem Mediekompass d'Weiche fir eng digital Schoulkultur zu Lëtzebuerg gestallt. Den Effet vun där Strategie op d'Kompetenze vun de Schüler wäert an den nächste Jore moossbar ginn.

An der Jugendarbecht ass de Referenzkader am Beräich Educatioun fir nohalteg Entwécklung beispillhaft

Am Beräich vun der *Educatioun fir nohalteg Entwécklung* gëtt et eng Abberzuel vu Projeten, Tools a pedagogeschen Approchen. Virun allem am Beräich vun der non-formaler Bildung gëtt d'Aarbecht mat de Jonken am Bildungsbericht als virbildlech bezeechent; am formale Beräich feelt et nach un enger struktureller Verankerung vun der *Educatioun fir nohalteg Entwécklung*.



E Bléck op déi al an déi nei Ongerechtegkeeten

De sozioekonomeschen a sproochlechen Hannergrond spillen am Bezuch op de schoulesche Parcours vun de Schülerinnen a Schüler nach ëmmer eng entscheidend Roll: déi sozial Schéier geet am Lëtzebuerger Schoulsystem weider ausereen. De Schoulsystem gëtt der sozialer a kultureller Diversitéit vum Land net flächendeckend gerecht.

D'Pandemie stellt d'Schoul viru grouss Erausforderungen

Och 21 Méint nom Ufank vun der Coronakris, ass de Virus nach ëmmer schwéier berechebar a stellt d'Education weiderhi viru grouss Erausforderungen. De Ministère fir Education, Kanner a Jugend mécht alles, wat nëmme méiglech ass, fir datt d'Schoul esou normal wéi méiglech ka stattfannen. D'Gestioun vun der Pandemie ass en enorme Kraaftakt fir jiddereen, d'Personal aus de Schoulen, d'Schülerinnen a Schüler an d'Elteren, dee bis ewell duerch e kollektiven Effort gutt gemeeschtert gouf. De Fait, datt Lëtzebuerg op schouleschem Plang relativ gutt duerch d'Pandemie kënnt, ass och op d'Investitiounen, déi am Kader vun der Strategie *Digital(4)Education* gemaach goufen, zeréckzuféieren. Trotz der immenser Erausforderung gëtt et grouss Chancen, dës Kris ouni gréisser negativ Auswierkungen ze iwwerstoën, wa weiderhin an déi néideg Ressourcen investéiert gëtt.

Eng Serie vu Mesuren fir sozial Gerechtegkeet a fair Bildungschancen

Ee vun den Haaptdefie vum Ministère fir Education, Kanner a Jugend ass et, all de Kanner a Jonke fair Bildungschancen ze bidden. Dofir goufen direkt nom éischte Bildungsbericht 2015 eng Partie Mesuren en place gesat. D'Effete vun dëse Mesuren, wéi z. B. der Diversifikatioun vun der Schouloffer, dem Ausbau an der Professionaliséierung vun der fréikandlecher Erzéiung, déi an de leschte Joren en place gesat goufen, fannen sech an dësem Bildungsbericht just am Usaz erëm, dëst well déi betrafte Kanner an der Miessung bis elo nach net berücksichtegt ginn.

Méisproocheg Erzéiung am Klengkandberäich

Zënter der Aféierung 2017 léiere kleng Kanner Sproochen op eng natierlech an intuitiv Manéier. Dës Offer gouf iwwert di lescht Jore massiv ausgebaut an ass op fir jiddereen. D'Ëmsetzung vun der *Education plurilingue* gëtt zënter der Aféierung 2017 enk vun engem Conseil scientifique begleet.

Diversifikatioun vun der Schouloffer

Déi Lëtzebuerger Bildungslandschaft ass an de leschte Jore méi villfälteg ginn, fir iwwer dee Wee fair Bildungschancë fir all Kand ze schafen. Zënter 2016 funktionéiere sou z. B. sechs international ëffentlech Schoulen an all Regioun vum Land. Hei ginn ënnert anerem alternativ Alphabetiséierungssproochen ugebueden. Eng éischt Evaluatioun, ob an a wéi engem Mooss déi international ëffentlech Schoulen eng Äntwert op d'Diversitéit vun der Lëtzebuerger Schoulpopulatioun sinn, wäert Enn nächst Joer kënne presentéiert ginn. Dës Evaluatioun soll d'Grundlag si fir eng breet Diskussioun par rapport zu engem eventuelle Rapprochement tëscht dem traditionellen an dem internationale Schoulsystem.

Nei Programmer fir d'Grondschoul

2020 gouf e Prozess ugestouss, an deem, zesumme mat all de Partner, en neie Plan d'études entwéckelt gëtt, dee modern ass an de Realitéite vun haut a muer wäert Rechnung droen. An dësem Prozess ginn och op verschidde Plazen am Land Pilotprojeten duerchgefouert, fir ze léieren, wéi sozial Ongerechtegkeete kënne besser opgefaange ginn.



Gratuitéit vun der Betreierung an de Maison-relaise während de Schoulwochen

Et ass d'Aufgab vun der Educatiounspolitik, dofir ze suergen, datt all Kand déi selwecht Chancë kritt, fir op sengem schoulesche Parcours ze reusséieren an de sozioekonomeschen Hannergrond, d'Mammesprooch oder de Migratiounshannergrond dierfen deem net am Wee stoen. An deem Kontext spillen d'Betreierungsstrukturen eng wichteg Roll. Zil vun der non-formaler Bildung ass déi ganzheetlech Fërderung vum Kand, déi sozial an emotional Kompetenzen ze vermëttelen, d'Kreativitéit an de Fuerscherdrang ze stimuléieren. Deementspriedend wäert vun der nächster Schoulreentrée un d'Betreierung an de Maison-relaise während de Schoulwoche fir all Kand gratis sinn.

Breet zougänglech Etudes surveillées am Enseignement fondamental

An den nächste Méint gëtt an Zesummenaarbecht mat de Partner aus der Educatioun op nationalem Plang eng qualitativ héichwäerteg Offer un Hausaufgabenhëllef fir all d'Schülerinnen a Schüler aus dem Fondamental ausgeschafft.

9 Kompetenzzentre fir d'Stärkung vun der schoulescher Inclusioun

D'Schoul huet d'Aufgab, de Besoine vun alle Schüler gerecht ze ginn. All Kand, onofhängeg vu senger perséinlecher Fäegkeeten, huet d'Recht ze léieren an seng Kapazitéite beschtméiglech ze entfalten. Déi 9 Kompetenzzentre sinn Deel vum Gesamtkonzept fir d'Betreierung vu Kanner a Jonke mat spezifesch Besoinen. Nieft der Prise en charge vun de Schüler duerch spezialiséiert Enseignanten um lokalen Niveau, féieren d'Kompetenzzentre bei de gemellte Schüler eng spezialiséiert Diagnos duerch, bidden eng punktuell Hëllef am Cours an eng ambulant oder längerfristeg Betreierung am Kompetenzzenter un. Dräi Joer no der Mise en place ass de Ministère amgaangen, eng Evaluatioun vum Dispositif de prise en charge vun de Kanner mat spezifesch Besoinen ze maachen.

Eropsetze vun der Schouflicht op 18 Joer

Den Taux de décrochage scolaire ass zu Lëtzebuerg, trotz enger konstanter Verbesserung iwwer déi lescht Joren, nach ëmmer op engem héijen Niveau: am Schouljoer 2016/17 louch den Taux bei 9,29 % (1921 Schüler); 2019/20 war e bei 8,16 % (1670 Schüler). Ronn een Drëttel vun den Decrocheuren ass tëscht 16 an 18 Joer al. D'Eropsetze vum Schouflichtsalter gekoppelt mat neie konkrete Projete wäert dozou bäidroen, datt engersäits den Taux de décrochage weider ofhëlt an anerersäits d'Schüler besser qualifizéiert gi fir den Aarbechtsmarché. Dës Mesure géint den Decrochage wäert duerch d'Schafe vun alternativen Ausbildungsofferen, déi um Modell vun de *Centres d'insertion socioprofessionnelle* (CISP) baséieren, begleet ginn.

Weider Informatiounen

Den drëttten nationale Bildungsbericht 2021 fannt Der a senger Integralitéit ënnert dësem Link:

www.bildungsbericht.lu